Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 1 . Mäerz 2023

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Bausseminister weiderzeleeden.

Den EU-Komplex vum Europäesche Parlament um Kierchbierg war an de leschte Woche vill an der Press. Riets ass gaangen, datt déi Gebaier, déi der EU gehéieren an all Déngschtstelle vum Parlament hei zu Lëtzebuerg sollen en Daach iwwert dem Kapp ginn, vill ze grouss sinn an och hire Budget scho gesprengt hätten. Kritik vu Bréissel ass awer dacks och an der Perspektiv vun der Standuertfro ze gesinn. A schliisslech ass Lëtzebuerg och wéinst de Liewenskäschten net déi beléiftsten Adress ënnert den dräi europäeschen Haaptstied.

Duerfir wéilt ech dem Här Bausseminister dës Froe stellen:

1. Ass déi aktuell Kritik um neien EU-Komplex op Kierchbierg och eng verstoppte Sëtz-Diskussioun?
2. Ass d'Lëtzebuerger Regierung der Meenung, datt d'Accorden iwwer déi dräi Haaptstied an d'Sëtzfro ouni Benodeelegung vu Lëtzebuerg honnertprozenteg respektéiert ginn?
3. Wéi stellt sech d'Regierung zu där Ausso, datt dee neie Komplex hallef eidel stoe bleiwe géing, besonnesch wann d'Heemaarbecht vun EU-Sekretariatsmataarbechter a méi groussem Mooss méiglech gemaach gëtt?
4. Huet d'Regierung e Plang fir d'Attraktivitéit vum EU-Sëtz Lëtzebuerg méi grouss ze maachen a Kritikpunkten ze entkräften?
5. Wéi grouss ass d'Gefor, datt d'Erweiderung vum EU-Gebai gestoppt gëtt an eng elle Bauruin um Kierchbierg bestoe bleift?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten